

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 20. Abrëll 2022

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 4286 zum Thema "Raubkunst" vum 17. Mee 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup huet d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson geschriwwen, datt et net virgesinn ass, datt de Lëtzebuenger Staat Konschtgéigestänn oder Reliquien zeréckfreet, déi während der franséischer Besatzung vun 1793 bis 1814 vum Terrain vum aktuelle Lëtzebuenger Staat an d'Ausland bruecht goufen.

Als Grond heifir schreift d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson, datt et deemools de Lëtzebuenger Staat "nach net ginn ass": "Esou Bestriewunge sinn och net virgesinn, a sténgen am Kontrast zum juristeschen an historiesche Kontext aus deem de Lëtzebuenger Staat, deen et zum ueweganannten Zäitpunkt nach net ginn ass, entstanen ass."

Op der anerer Säit huet den Nationalmusée fir Geschicht a Konscht ugedeit, fir Géigestänn aus der Kolonialzäit un afrikanesch Staaten zeréckzeginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Ass d'Madamm Minister nach ëmmer der Meenung, datt Bestriewungen, fir eng Réckféierung vu Konschtgéigestänn, déi an der Zäit vun 1793 bis 1814 vun de franséische Besatzer aus Lëtzebuerg fortgeschleeft goufen an sech haut am Ausland befannen, net sollte virgesi sinn?
2. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, datt Bestriewungen, fir eng Réckféierung vu Konschtgéigestänn aus Lëtzebuenger Muséeën, déi aus dem Afrika aus der Kolonialzäit stamen, sollte virgesi sinn? Oder gesäit si dës Bestriewungen och am Kontrast zum juristeschen an historiesche Kontext?
3. An hirer Argumentatioun fir eng Net-Réckféierung hat d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson geschriwwen, datt et zu där Zäit "nach keen Lëtzebuenger Staat ginn ass". Géif si dës Argumentatioun och bei der Fro iwwert eng Réckféierung vu Géigestänn an afrikanesch Staaten consideréieren, déi et jo och an der Kolonialzäit a bis zu hirer Onofhängegkeetserklärung während der Dekoloniséierung "net ginn sinn"?

4. Kann d'Madamm Kulturministesch Sam Tanson am Kontext vun hirer Ausso, datt et an der Zäit vun 1793 bis 1814 nach kee Lëtzebuerger Staat ginn ass an datt dës Interpretatioun och als Critère fir wichteg Entscheedunge vum Ministère ugewannt gëtt, uginn, vu wéini un et an der Interpretatioun vum Kulturministère de Lëtzebuerger Staat, de Fransésische Staat, den Däitsche Staat an de Belsche Staat gëtt?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup  
Deputéierten